RTL carte blanche économique du 10.03.2010

(ACA)

Wirtschaftlech a sozial Roll vun der Assurance

An der leschter Carte blanche economique vum 16. September 2009 hun mir éen historeschen Réckbleck gemach a gesin datt d'Feierversecherung eréischt entstaanen ass am 17ten Joërhonnert, noom groussen Brand zu London.

Hautdesdaags get an der Belge driwer nogeduecht d'Feierversecherung obligatoresch ze maan, dëst no der katastrophaler Explosioun den 27. Januar zu Lëck, bei där 13 Léit em d'Liewen koumen an 20 Léit verletzt goufen.

Zu Lëtzebuerg ass des Fro net aktuell, mé mir gesin datt et esou spektakulär Elementer brauch fir de Mutualitätsgedanken an d'Liewen ze ruffen, an wann en net gréift, en via Gesetz obligatoresch ze maachen.

Doriwer eraus ass d'Assurance awer och éen réellen Motor vum économeschen an sozialen Progrès:

Esou reduzeiert d'Assurance, an déem se de Risiko versechert, also à charge hellt, d'Ongewësshéet déi de Privatmann an den Entrepreneur bei sengen Geschäfter nécessairement huet.

Op der ânerer Sait, erlaabt d'Kollekt vun desen Primen awer och neit Kapital an d'Economie ze injecteieren waat erem eng Keier zur Croissance an ipso facto zum économeschen an sozialen Wuelstand beidréit.

D'Engagementer déi eng Assurance-Gesellschaft vis-à-vis vun sengem Client agéet, sin ongewëss an konditionnel.

Si hänken sowuel an der Sachversecherung wéi och an der Persounenversecherung vun engem „alea", also vum Zoufall, oof.

Dofir ass et dem Assureur seng Pflicht de Risiko, déen héen amplaatz vum Klient agét, ze estiméieren an ze valoriseieren.

Hien muss dowéint och d'Probabilitéitsgesetzer kennen, dem Coût moyen vun sengen Sinisteren Rechnung droën, fir eng équitabel Prime kennen festzeléen.

A priori reduzeiert den Assurancengedanken den Risiko jo net, en mutualiseiert en teschent sengen Assuréen esou datt en fir jidferéen tragbar get.

An dach mecht och de Risiko eng Mutatioun, eng Veränderung mat.

Huelen mer nëmmen d'Beispill vun der Liewenserwaardung an Europa: déi lung Ufanks vum 19ten Joërhonnert bei 36 Joër bei den Fraën an bei 32 Joër bei de Männer.

Durch de medizinesche Fortschrëtt, durch d'Hygiène, durch eng méi équilibreiert Alimentatioun ass des Liewenserwaardung op iwert 80 Joër fir déi 2 Geschlechter geklommen, innerhalb vun nëmmen engem Joërhonnert.

De Risiko fir jonk ze stierwen, verschwennt also mat der Zait, en get awer duurch éen aaneren Risiko ersaat, laang ze liewen an dëst Liewen finanzeierbar ze maachen.

Kombineiert mat enger inverseierter Alterspyramid erstinn esou néi Risiken, éwei d'Problemer bei der Rentenfinanzeierung, Finanzéierungsmeiglechkéeten vun der Pfléeg déi aal Léit brauchen an d'Käschten vum Traitement vun Krankhéeten, … daat sin déi néi Risiken déi déen aalen Risiko vum fréien Doud ersaat hun.

Et ass hei wou d'Mutualitéitsgedanken, d'Assurance égal op se parastaatlech oder privatrechtlech , egal op se gewënnorienteiert oder koopérativ fonctionneirt, gefuerdert ass.

De Risiko bestéet an d'Solidaritéitsgemeinschaft muss en sozial tragbar maachen.

Et ass hei a besonnesch a Krisenzäiten wou d’Privatassurance eng Hand kann mat upaaken.